

ZOOM. × × D'STUDENTENZEITUNG



IWWERBLÉCK

REEL 2017 zu Köln an zu Bonn

04

Fir déi 33. Kéier hu sech eng Ronn 120 Studenten op de Wee gemaach, fir un der REEL deelzehuelen...

Gratis Ëffentlechen Transport

07

Säit dem 1. August huet jidder Student d'Méiglechkeet, de sougenannte Studentenabo unzefroen...

Reform vum Stagëgesetz

08

D'ACEL hat ufanks Juli eng éischt Entrevue mam Aarbechtsminister, fir iwwert eng Upassung...

How-to Studiebäihëllef

08

Wéi froen ech meng Bourse un a wat hunn ech zegutt?

Studentebal

10

No ronn engem hallwe Joer Organisatiounsaarbecht a 5 Deeg intensivem Op- an Ofbauen...

120 Joer AVL

11

Den AVL huet seng Membere an Ancienen op Oochen invitéiert, fir dat 120-järegt Bestoe vum Veräin ze feieren...



Réunion Européene des Etudiants Luxembourgeois zu Köln a Bonn

VIRWUERT

Léif Lieserinnen, Léif Lieser,

Ech freeë mech ganz häerzlech, lech déi nei Editioun vum Zoom virstellen, deem d'ACEL – De Studentevertrieeder, all Joers fir d'Foire de l'Etudiant erausbréngt.

D'ACEL bléckt op en interessant Joer zréck, wou mir eis ënner anerem erfollegräich dofir agesat hunn, dass d'Studente gratis mam ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg däreferen. Donieft si mir am Moment a Gespréicher mam Aarbechtsministère, fir d'Prozedur fir d'Studen ze erliichten.

Am Zoom informéiere mir lech awer och iwwer aktuell Themen aus de Studentekreesser, mir presentéieren lech eis zwee nei Cercle LUNEX an Historic.ul a maachen e Réckbléck op de Studentebal esou wéi och op d'REEL.

Op dëser Plaz soe mir och nach eng Kéier all de Cercle a Partner Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Mir wënschen lech vill Spaass beim Liesen a vill Gléck beim Rätselléisen.



Pol Lutgen
Vizepresident Informatioun

WAT ASS D'ACEL?

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) vertritt haut iwwer 40 Studentecerclen, déi duerch ganz Europa verdeelt sinn. Dëst mécht d'ACEL zum gréissten a wichtigste Studentevertrieeder zu Lëtzebuerg.

D'Cerclë bilden haut déi aktiv Membere vun der ACEL a sinn op aacht Länner verdeelt. Dës Vereenungen empfänken d'Lëtzebuerger Studente während hirer Studienzäit an de jeeweilege Stied am Ausland an zu Lëtzebuerg a bréngen se zesummen. Dierneft ginn et nach aacht fachspezi-fesch Cerclen.

Säit senger Grënnung huet sech den Daachverband vun de Studentecerclen dräi Haaptaufgabe gesat:

Zesummebréngen

D'ACEL organisiert verschidden Evenementer, fir d'Studenten zesummenzebréngen an den Echange tëschent hinnen ze fërderen.



De gréissten Event am Joer ass ouni Zweifel de *Studentebal*, deem all Summer organiséiert gëtt. Dierneft triede beim Tournoi de Noël Equippen aus de verschiddenen Unisstied am Volleyball, Fussball a Basket während zwee Deeg géinteneen un.

Zanter méi wéi 30 Joer fënnt d'REEL a verschiddene Studentestied an Europa statt, a gëtt all Joer vun engem anere Cercle organiséiert, mat enger Mëschung aus politeschen Diskussiounen, kulturelle Visitten, Kontakt mat Partner an natierlech flotten Owender ënnert Kollegen.

Informéieren

D'ACEL bréngt net nëmmen hir Studenten zesummen, mä informéiert

se och. Dëst mécht se mat Hëllef vun hirem „Guide du Futur Diplômé“, deem dem jonken Diploméierten eng Starthëllef an d'Aarbechtswelt soll bidden. Doriwwer eraus huet d'ACEL sech och als Zil gesat, déi zukünfteg Studenten ze informéieren, an zwar mat hirem „Guide du Futur Étudiant“, deem et säit 1987 gëtt an deem all Joer am September nei eraus kënnt.



Dëse Guide liwwert Informatiounen iwwert déi verschidden Unien, Aschreiwungsfristen, Aschreiwungskonditiounen, asw. an natierlech och iwwert d'Liewen an de Stied selwer.

Niewent dësen zwou Publikatiounen geet d'ACEL och regelméisseg an déi verschidde Lycéeën, fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren.

Representéieren

Net manner wichtig wéi d'Informationscampagne vun der ACEL ass d'Verriedung vun de Studente virun den Autoritéiten an d'Verdeedegung



vun hire Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a regelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dee fir Héichschoulbildung a Fuerschung.

D'ACEL beméit sech, d'ganz Joer iwwer konstruktiv Gespréicher mat de Ministèren ze féieren, fir iwwer aktuell Themen, déi de Student betrëfft, ze diskutéieren.

Esou hu mir eis zum Beispill dëst Joer dofir agesaat, dass d'Studente gratis mam ëffentlechen Transport zu Lëtzebuerg dierfe fueren, eng Decisioun, déi säit August a Kraaft getrueden ass.

ACEL-Comité



ACEL
de Studentevertrieeder

DU HUES ENG FRO ZUM STUDIUM ODER DER UNI



ACEL
de Studentevertrieder

WWW.ACEL.LU

Nëtzlech Informatiounen zum Studium an alles ronderëm d'Studenteliewen zu Lëtzebuerg a ronderëm d'Welt.

GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT


Dëse Guide ass vollgepaakt mat Informatiounen zu iwwer 40 Studentestied, den Unien, dem Studium an nach villes méi, fir däi Start an d'Studenteliewen ze vereinfachen. Och d'Kontaktdate vun de Lëtzebuerger Studentecerclë sinn hei ze fannen.

GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ

Wéi fannen ech eng Aarbecht? Wéi leeft e Virstellungsgespréich of? Dës an nach vill weider Informatiounen fënns du an dësem Guide, deen dir däi Sprong an d'Berufsliewen erliichtert. Eis Guidë kriss du bei der Spuerkeess.

ACEL.LU | CONTACT@ACEL.LU | TEL. 691 420 538

REEL 2017 ZU KÖLN AN ZU BONN



Fir déi 33. Kéier hu sech eng Ronn 120 Studenten op de Wee gemaach, fir un der REEL deelzehuelen. Besonnesch un dëser Editioun war, dass sech zwou Stied zesummegedoen hatten, fir e flotte Programm op d'Been ze stellen: D'Studente vu Köln an déi vu Bonn. No ville Méint Preparatioun ass et en Donneschdeg, den 21. September, fréi moies endlech lassgaangen.

No der Arrivée zu Köln bei der Uni ass et nom Kaffi direkt mat de Workshope vun der ACEL lassgaangen. Hei konnten d'Studenten tëscht véier verschiddenen Theme wielen: Stagen a Studentenjobben zu Lëtzebuerg, eng nei Publikatioun fir d'ACEL,



Premierminister Xavier Bettel mam REEL President Jeff Diderrich - Restaurant Wartesaal (Köln)

Null-Bock-Generatioun oder Informatesch Grundlagen an engem Cercle. Immens interessant Diskussiounen sinn entstanen, déi uschléissend op enger Pleniëre zesummegedroen a presentéiert gi sinn. Eng grouss Freed war et och, an deem Kader vum Här Dr. Bildhauer vum International Office vun der Uni Köln empfaangen ze ginn. Nom Mëttegiessen an der Mensa ass et du weider op Bonn gaangen, wou e Rallye um Programm stoung. An zéng Gruppen hu sech d'Leit op de Wee gemaach, fir d'Stad a gläichzäiteg och déi aner Participantë besser kennenzeléieren. Hongereg sinn d'Equppen owes am Restaurant Machold ukomm. No engem gudden lessen, deem engen oder anere Patt an och e puer Lidder ass et du weider an de Carpe

Noctem gaangen, wou d'Studenten eng éischte Kéier bis an d'Nuecht era geféiert hunn.

Laang geschlof gëtt op enger REEL awer net. Fréi moies ass et weidergaange mat de Visitten am Kölner Ëmkrees. Tëscht direkt sechs Visite konnten d'Participantë sech entscheiden: Baykomm Communication Center, Fluchhafen Köln/Bonn, Fordwerke, MMC Studios, Rheinenergie Stadion oder Schokoladenmuseum. Bei all deene Visite kruten d'Leit en interessanten

Abléck an d'Betrieb, deen engem soss éischter verspaart bleift. Weider ass et du mam Mëttegiessen am Restaurant Quetsch zu Rodenkirchen gaangen, wou d'Participanten traditionell Kölner Reibekuchen direkt um Rhäin konnte genéissen. Mëttes stoungen d'Partnerverträge um Programm. Och dëst Joer konnte vill Partner fonnt ginn, déi d'REEL ënnerstëtzt hunn an d'Geleeënheet genotzt hunn, fir hire Betrieb de Studente méi nozebréngen. No de Presentatiounen war de Studenten dunn och d'Méiglechkeet ginn, op enger Foire an engem Walking dinner mat de Partner an d'Gespréich ze kommen. Schliisslech ass et dunn zesumme mat deem engen oder anere Vertrieeder vun den Entreprisë weider an d'Roonburg gaangen, wou op en Neits bis an d'Nuecht gefeiert gouf.

E Samschdeg huet et dunn awer geheescht erëm fit ze sinn, a sou hunn d'Studente sech erausgefiert, fir den offiziellen Dag vun der REEL. An Zesummenaarbecht mat der ACEL hat de Comité hei eng ganz Rei interessant Debaten op d'Bee gestallt. Am Hotel Königshof, dee mat enger super Vue direkt um Rhäin déi optimal Raimlechkeete bereetgestallt huet, huet et moies mat enger Begréissung vun der Bonner



Zero Point Five - Restaurant Wartesaal (Köln)



Arrivé vum Xavier Bettel an dem Konsul Siegfried H. Elsing beim Dom zu Köln



Partnervortrag op der Uni Köln

Buergermeeschtesch Angelica Kappel ugefaangen. Dono goug et weider mat enger Ried vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit. Dës huet sech op d'Entwécklung vum Aarbechtsmarché zu Lëtzebuerg bezunn. Zousätzlech huet de Minister hei awer och d'Dier opgemaach, fir zesumme mat der ACEL un enger Reform ze schaffen, déi de Studenten e méi einfachen Accès op den Aarbechtsmarché erméigleche soll. Zousätzlech wäert deemnächst iwwert eng Plattform fir Stagen diskutéiert ginn. Nom Mëttegiesse goug et du weider mat enger Table ronde, déi sech ëm d'Verhältnes tëscht dem Student an dem Patron, sou wéi

och d'Orientatioun vun de Studente gedréint huet. Deelgeholl hunn dobäi den Héichschoulminister Marc Hansen, d'Madame Isabelle Schlessen vum der ADEM, den Här Tom Baumert vum House of Entrepreneurship, den Här Marco Wagener vum Conseil économique et social an de Charel Muller vum der ACEL. Eng interessant Diskussioun moderéiert vum Pit Everling vum RTL ass dobäi entstanen, esou dass all d'Studenten dësen Debat interesséiert verfollegt hunn. Beim Retour op Köln hunn d'Studenten sech immens gefreet, dass de Premier Xavier Bettel sech Zäit geholl hat, fir d'Studente besichen ze kommen. Mat enger Usprooch vum

Här Bettel mam Kölner Doum am Hanergrond huet de laangen Owend dunn ugefaangen. Am Restaurant Wartesaal am Dom ass et mat engem Galadinner weidergaangen. Wéi de leschte Maufel giess war huet d'Band Zero Point Five schonn déi éischt Téin ugespillt, a sou hunn d'Studenten alt erëm zesumme gefeiert a gesongen.

Schonns war de leschten Dag vun der 33. REEL ugebrach. Nom Check out sinn d'Leit mam Bus op Brühl gefouert ginn, fir e Brunch. No deem engen oder anere Kaffi waren déi meescht dann och erëm fit, fir e leschte flotten Dag mateneen ze verbréngen. D'Participantë konnten dunn tëscht engem Nomëtteg an der Schwämm oder enger Wäintour duerch dat schéint Ahrdall wielen. Owes huet du jiddereen zu Ahrweiler an enger Hütt sech erëm zesummefonnt, wou no e puer Of Schlossrieden an Danksagungen eng leschte Kéier zesumme mat der Band Toxkapp gefeiert gouf, ier du spéit owes leider de Retour op Lëtzebuerg ugetruede gouf.

Wéi gewinnt war och déi 33. REEL e vollen Erfolleg, wou Studente sech ënnertenee kennegeléiert oder sech erëmgessinn hunn. Och dës REEL huet

gewisen, dass d'Studenten zwar gutt am Feieren a Sange sinn, awer och e grousst Interessi un offiziellen Debaten hunn, an och fläisseg vun der Geleeënheet profitéieren, a Kontakt mat Entrepreneuren ze trieden.

D'ACEL seet dem REELs-Comité Merci, fir déi Aarbecht déi en an d'Preparatioun gestach a während véier Deeg geleescht huet. Doriwwer eraus weist d'ACEL sech frou doriwwer, dass d'Zesummenaarbecht immens gutt geklappt huet, an esou een immens flotte Programm, virun allem um offiziellen Dag e Samschdeg, konnt zesummegestallt ginn. Doriwwer eraus seet d'ACEL awer och all den Invitéen an de Partner e grouse Merci, dass si sech Zäit geholl hunn, op d'REEL ze kommen.

D'ACEL freet sech schonn op d'nächst Joer, wann et op déi 34. Editioun vun der REEL geet. Wou dës wäert stattfannen entscheet sech wéi gewinnt de 26. Dezember op der Assemblée générale vun der ACEL.

An deem Sënn: Vive d'REEL, Vive d'ACEL a Vive d'Studenten!

ACEL-Comité



Restaurant Quetsch zu Köln



Table ronde am Hotel Königshof (Bonn) - v.l.n.r. Tom Baumert, Isabelle Schlessen, Pit Everling, Charel Muller, Marc Hansen, Marco Wagener

GLÉCKSMOMENT



Fir méi onbeschwéiert Glécksmomenter. D'DKV Luxembourg ass däi staarke Partner fir all Froe ronderëm d'Gesondheet, an déi perfekt privat Krankenversicherung.

Well s du dir méi wäert bass: dkv.lu

DKV
Luxembourg
membre du Groupe **lalux**

SIEF STUDENT FIR 1 DAG

Du wollts schonn ëmmer wëssen, wéi et op der Uni ass? Wéi et ass, Student ze sinn? Ass e Studium am Ausland iwwerhaupt eppes fir dech? A wat muss du iwwerhaupt alles maachen, fir dech fir e Studium unzemellen? Déi a vill aner Froe kriss du beäntwert, wann s de um „Student fir 1 Dag“ deelhëls.

De „Student fir 1 Dag“ ass e Projet, dee vun der ACEL zesumme mat de Lëtzebuerger Studentecerclen organiséiert ass. All Joer während der Ouschtervakanz kriss du als Schüler d'Méiglechkeet, dir eng ganz Rei Studentestied ukucken ze goen. Fir een Dag kanns du esou erliewen, wat et heescht, Student ze sinn.

Moies geet et lass mam Bus an d'Studentestad wou s du vun de Lëtzebuerger Studenten op der Plaz empfaange gëss. Hir Aufgab ass et, dir all wichteg Informatiounen zu den Unien an Héichschoulen, wéi och zu den ënnerschiddleche Studiegäng ze ginn. Natierlech sinn do och eng Rei Tipps an Tricks derbäi: Wéi een am beschten eng Wunneng fënnt, wou een am

beschte feiere geet a wéi eng Proffen een am beschten ze vermeiden huet. Dernieft stellt de Lëtzebuerger Studentecerclelech vir. Déi ënnerschiddlech Cerclen organiséieren iwwert d'Joer verdeelt vill flott Soiréeën an Aktivitéiten

an de Studentestied, wéi och zu Lëtzebuerg. Déi solls du als zukünftige Student natierlech net verpassen.

Fir dass du dech wierklech als Student fille kanns, weist dir de Lëtzebuerger

Cercle op der Plaz natierlech och d'Uni. An dozou gehéiert och e Bléck an déi verschidden Unissäll. Wann s de Chance hues, dierfs de dech och an eng Virlesung setzen an direkt materliewen, wéi et sech ufillt, op der Uni ze studéieren.

Allgemeng bekannt ass, dass d'Liewen als Student net nëmmen aus studéiere besteet. Dofir kriss du natierlech nomëttes och deng eventuell nei Heemechtsstad gewisen. D'Studente kennen déi beschte Plazen, fir iessen oder een drénken ze goen, an natierlech, fir owes ze feieren. Owes geet et dann erëm zeréck op Lëtzebuerg.

Während zwou Wochen an der Ouschtervakanz hate mir dëst Joer eng 227 Schüler, déi un eisen Dagesreesen a verschidden Universitätsstied deelgeholl hunn. Zesumme mat de Schüler si mir iwwer 2.000 Kilometer gefuer, fir 10 verschidden Universitätsstied ze entdecken: Bonn, Bréissel, Frankfurt, Kaiserslautern, Karlsruhe, Köln, Léck, Maastricht, Oochen, Stroossbuerg an Tréier.

Fir weider Informatiounen zum Projet „Student fir 1 Dag“ an d'Umeldungsdelaie gewuer ze ginn, géi einfach op www.acel.lu/sf1d oder schreif eis direkt eng Mail op contact@acel.lu.

ACEL-Comité



GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT & GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ 2017

Guide du Futur Étudiant

Wat kann ech wou studéieren? Wéi eng Universitéite ginn et? Wéi genau schreiwen ech mech do an? Wéi fannen ech eng Wunneng? A wat maachen déi verschidde Studentecerclen?

Du bass op Première oder op Treizième an hues dir dës Froe scho gestallt? Da blieder emol duerch de „Guide du Futur Étudiant“ vun der ACEL! Dës Broschür brénge mir säit iwwer 30 Joer fir all Schoulentrée eraus. Fir dass du all Joer nei an aktuell Informatiounen iwwer déi verschidden Unien an d'Stied kriss, stelle mir dës Broschür an Zesummenaarbecht mat iwwer 40 Lëtzebuerger Studentecerclen an den aacht fachspezifische Cerclen aus ganz Europa zesummen.

De „Guide du Futur Étudiant“ informéiert dech iwwer d'Universitätsliewen, déi touristesch Aspekter, mee och d'Studenteliewe vun de 45 vu Lëtzebuerger Studente meescht besichte Stied. All Cercle gëtt hei och e puer perséinlech Informatiounen iwwer d'Stad an d'Universitäten, déi e representéiert. Du fënns awer och hir Kontaktinformatiounen, sou dass du dech fir méi spezifesch Froen, och selwer kanns un d'Studente vun där Stad wënnen.

De Guide du Futur Étudiant gouf dëst Joer komplett iwwerschaft a méi kompakt gemaach, fir dass de d'Informatiounen, déi s de sichs, nach besser fënns.

De Guide du Futur Étudiant ass gratis. Du fënns en zum Beispill um Stand vun der ACEL op der Foire de l'Étudiant, an all Spuerkeessagence an natierlech och beim Comité vun der ACEL an online als PDF www.acel.lu/gfe.

Fir weider Froe kanns du dech awer och per E-Mail bei der ACEL contact@acel.lu oder dem respektive Cercle mellen.

Guide du Futur Diplômé

Du bass mat der Schoul fäerdeg oder hues dän Unisdiplom an der Täsch a wëlls gäre schaffe goen?



D'ACEL bréngt all Joer de Guide du Futur Diplômé mat all den Informatiounen fir dir däi Start an d'Beruffsliewen ze vereinfachen eraus.

Hei fënns du déi néideg Informatiounen iwwer d'Opstelle vun dengem CV an engem Motivationsbrëif, esou wéi den Oflaf vun engem Virstellungsgespräch. Du kanns hei och noliessen, wéi s du dech kanns selbststänneg maachen. Och wann s du wëlls Chercheur ginn, fënns du an dësem Guide d'Demarchen, déi een dofir maache muss, an Informatiounen zu der finanzieller Ënnerstëtzung, déi een dofir ufroe kann.

Donieft fënns du nach vill praktesch Informatiounen iwwer d'Pensioun, de Wunnengsmaat, de Lëtzebuerger Sozialsystem an eisen Aarbechtsmaat.

De Guide du Futur Diplômé ass gratis. Du fënns en zum Beispill um Stand vun der ACEL op der Foire de l'Étudiant, an all Spuerkeessagence an natierlech och beim Comité vun der ACEL an online als PDF www.acel.lu/gfd.

Fir weider Froe kanns du dech awer och per E-Mail bei der ACEL contact@acel.lu mellen.

ACEL-Comité



**RAMON, 24 ANS
MÉCATRONICIEN**

Les CFL offrent aux jeunes la possibilité d'intégrer une entreprise dynamique et passionnée dans un environnement de travail varié avec une multitudes de métiers.

« NËMMEN
ZESUMME
KËNNE
MIR GROUSSES
ERREECHEN. »

**NOS CLIENTS
NOTRE PASSION
#MYJOB**
WWW.JOBSCFL.LU



GRATIS EFFENTLECHEN TRANSPORT FIR STUDENTEN

Nodeems fir Lycéesschüler schonn d'lescht Joer den effentlechen Transport gratis ginn ass, huet d'ACEL sech dofir agesat, dëst och fir Studente kënnen ze erméiglechen. D'ACEL huet hei keen Ënnerscheed tëschent engem Schüler an engem Student gesinn. Souwuel Schüler wéi och Studente benotzen den effentlechen Transport fir an d'Schoul bzw. op d'Uni oder op de Stage ze fueren. Der ACEL war et och wichteg, dass net nëmmen d'Studenten, déi zu Lëtzebuerg studéieren heivunner profitéiere kënnen, mee och déi Studente, déi am Ausland studéieren an e Stage zu Lëtzebuerg maachen oder an hirer Fräizäit den effentlechen Transport zu Lëtzebuerg wëlle benotzen. Zousätzlech hofft d'ACEL, de Student esou villäicht e bëssen ze encouragéieren, den Auto mol eng Kéier doheem stoen ze loossen an op den effentlechen Transport ëmzeklappen.

Doropshin huet d'ACEL schonn am Juli 2016 déi éischt Verhandlung



Gratis effentlechen Transport fir Studenten

mam Ministère fir Nohaltegkeet an Infrastruktur, esou wéi och mam Héichschoulministère an d'Weeër geluecht. Et huet net laang gedauert, well de 6. Januar 2017 konnt schonn e gemeinsamen Accord fonnt ginn. D'ACEL

weist sech erfreet iwwer dëse schnellen an erfollegräichen Ofschluss vun de Verhandlungen.

Säit dem 1. August huet also elo jidder Student ënner 30 Joer d'Méiglechkeet,

e gratis MPass – de sougenannte Studentenabo – unzefroen. No klengen ufängleche Startschwierigkeete beim Ufroe vum Abo konnt och hei séier eng Léisung fonnt ginn, sou dass d'Demarche fir den MPass unzefroen elo keng Problemer méi sollt duerstellen an all Student den Abo mat enger gëlteger Studiebeschäinegung kann ufroen.

Wéi froen ech mäi gratis Studentenabo un?

Fir e gratis Studentenabo kënnen unzefroen, brauch ee just folgend Dokumenter:

- Eng rezent a faarweg Passfoto
- Eng Kopie vun der Carte d'identité
- Eng Studiebeschäinegung fir dat aktuell Semester
- De Formulaire „Studentenabo“ (ze kréien op mobiliteit.lu)

Mat dësen Dokumenter an engem MPass-Kont, muss een dann op eng vun de Mobilitéitszentralen (op der Stater Gare oder op der Gare um Belval) goen, oder dat Ganzt per Post un d'Zentral schécken. Innerhalb vun 10 Deeg kritt een da säin Abo per Post heem geschéckt. All Abo ass jeeweils bis den 1. Oktober 2018 gëlteg a muss dann all Joer erneiert ginn.

ACEL-Comité

HOW TO STUDIEBÄIHËLLEF?

WAT HUNN ECH ZEGUTT? (pro Joer)

Basis-Bourse: 2.000 €
Kritt all Student.

Mobilitéétsbourse: 2.450 €
Kritt all Student, deen ausserhalb vu sengem Wunnsätzland studéiert an do Loyer bezilt.

Sozialbourse: 3.800 €
Jee nodeem, wéi héich dat besteierbart Akommes ass, vun deem Stot, an deem een ugemellt ass, kann ee bis zu 3.800 € kréien.

Familljebourse: 500 €
Kritt all Student, dee Geschwëster huet, déi och studéiere ginn, och eng Bourse kréien an am selwechte Stot ugemellt sinn.

Studiefraisen: 3.700 €
D'Aschreiwungs- a Studiekäschte vu 100 € bis max. 3.700 € ginn zu jee 50 % op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt.

Prêt: 6.500€ - 10.300 €
6.500 € kritt all Student. Déi Studenten, déi net déi ganz Sozialbourse kréien, kënnen dës Differenz als Prêt ufroen.

Härtefallregelung: 1.000 €
Sollt een sech an enger „situation grave et exceptionnelle“ befannen oder mat aussergewöhnlechen Ausgabe konfrontéiert ginn, kann een eng zousätzlech finanziell Hëllef vu 500 € Bourse a 500 € Prêt kréien.

ONLINE-RECHNER

Wéi vill Bourse a Prêt ee schlussendlech ze gutt huet, kann een op dëser Säit ausrechnen:
<http://acel.lu/rechner>

WÉI FROEN ECH MENG BOURSE UN?

Entweder online oder per Post. Mir roden dir, deng Demande online ze maachen, well dat méi séier geet a se da méi séier traitéiert gëtt.

Online:
Fir är Bourse online unzufroen, braucht dir e LuxTrust-Certificat (Token, Signing Stick, Smartcard oder déi nei Carte d'identité).

Wéi maachen ech meng Online-Demande?

1. myguichet.lu
2. Aloggen (oder e neie Login maachen, wann dir nach keen hutt)
3. „Wählen Sie einen Vorgang aus“ / „Sélectionnez une démarche“
4. Ausbildung / Education
5. CEDIES: Demande d'aide financière de l'Etat pour études supérieures

Ausfüllen, Dokumenter eroplueden, fortschécken.

MÉI EINFACH OP DEN AARBECHTS- MARCHÉ – REFORM VUM STAGËGESETZ

No grousem Feedback vum Terrain, vun de Studenten, wéi och vun den ekonomeschen Acteuren, hat d'ACEL ufanks Juli eng éischt Entrevue mam Aarbechtsminister Nicolas Schmit, fir iwwert eng Upassung vum Stagëgesetz fir Studenten ze diskutieren.

Déi aktuell Gesetzestexter vun 1984 halen nach um Prinzip vum Stage conventionné an non conventionné fest. Eng Convention de stage gëtt an deem Fall vun der Uni fir de Student gestallt, wann e Stage am Studiegang virgesinn ass. Dëst vereinfacht dem Patron den administrativen Opwand, dee mat engem Stage verbonnen ass. Et ass awer esou, dass vill Studente während dem Studium och Stagë wëlle maachen, déi an hirem Studium net obligatoresch sinn, an doduerch och keng Konventioun hunn.

An deem Fall huele vill Patronen de Student net fir e Stage, well deem seng Umeldung ze vill administrativen Opwand mat sech bréngt.



REEL 2017 Köln/Bonn -
Ministre du Travail et de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire Nicolas Schmit

Des Weidere feelt et zu Lëtzebuerg am Moment un enger online Plattform, déi eng Sammelstell fir Stagëplaze wier. Nach fuere vill Entreprises iwwert bezuelte Sitten oder schreiwen d'Plaze selwer aus.

No der 33. Editioun vun der REEL zu Köln Bonn, mam Nicolas Schmit als Gaaschtriedner, freet d'ACEL sech, ukënnegen ze kënnen, dass zesumme mam Aarbechtsministère an enger Delegatioun vum Patronat,

d'Gesetzestexter der aktueller Situation um Aarbechtsmarché ugepasst ginn.

Konkret heescht dat, dass den administrativ Opwand, deen e Stage non conventionné mat sech bréngt, erofgeschrafft gëtt an deelweis vum Staat iwwerholl gëtt.

Des Weideren huet de Minister ugekënnegt, dass och déi éischt Schrëtt vun enger Online-Plattform fir d'Stagëvermittlung an d'Weeër geluecht ginn.

Nodeems déi administrativ Schrëtt vereinfacht goufen an eng Plattform fir d'Vermittlung vu Stagë geschaaft gouf, fuerdert d'ACEL elo awer och, dass d'Patronat Faarf bekennt. Zu Lëtzebuerg gëtt et den Ament nach ëmmer keng richtig Stagëkultur. An Däitschland fonctionnéiert de sougenannte Prinzip vum Werkstudent säit Joren. Hei schafft de Student eng gewësse Rei Stonnen am Mount bei engem Patron. De Student sammelt esou déi vill gefuerdert beruflech Erfahrung während dem Studium an den Employeur huet d'Méiglechkeet, sech esou engagéiert a kompetent Aarbechter fir d'Zukunft unzëeegnen.

Mam Wuesstem vun der Uni.lu, der Installatioun vu villen Etüden, Banken an Assurancen zu Lëtzebuerg wier dëst e Modell, dee grouss Succès kéint hunn. Hei ass et dann um Patronat, dës Stagëkulturen ze applizéieren, wat fir d'Patronat a fir d'Studente grouss Virdeeler mat sech bréngt géif.

ACEL-Comité

DRËTT INDUSTRIELL REVOLUTION – AVIS ZU RIFKIN

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass am Kader vun der Drëtter Industrieller Revolution gefrot ginn, en Avis zur Rifkin-Etüd ofzeginn. Dobäi huet ee sech op dräi Schwéierpunkte festgeluecht: D'Roll vum Student an der zukünftiger Gesellschaft, d'Fuerschung an d'Léier, sou wéi de Lifelong Learning.

Well d'Etüd sou vill Punkten opgräift, war et der ACEL wichteg, sech op déi Themen ze konzentréieren, déi d'Studente vun haut an domat och d'Employé vu muer wäerte betreffen. Et war dem Daachverband vun de Lëtzebuerger Studentecerclé wichteg, a sengem Avis op konkret Ännerungen anzegoen, déi op jonk Leit wäerten duerkommen, a manner déi technesch an zum Deel onrealistes Zukunftsvisionen ze kommentéieren.

Beim éischten thematesche Schwéierpunkt ass et der ACEL wichteg, drop hinweisen, dass déi Ännerungen, déi an der Etüd gefuerdert sinn, zum Deel e groussen Émbroch am Bildungsberäich mat sech bréngen, et allerdéngs onvirsichteg wier, dem Trend vun der Digitaliséierung blann nozegoen an déi gesamt Bildung op dëse Beräich ze fokusséieren. Vill méi sollt et eng punktuell Upassung a keng Verdrängung vun Disziplinne ginn. Donieft muss een de Leit vermëttelen, dass Ännerunge méi schnell stattfannen, an ee sech stänneg un nei Erausforderungen upasse muss. Et dierf och net de Fall sinn, dass d'Schüler zu engem Héichschulstudium an der Informatik bzw. der Informatiounstechnologie gedrängt ginn, mee et muss vill méi drop opgepasst ginn, dass souwuel d'Heterogenitéit beim Verhältnes vun Akademiker zu Net-Akademiker an eiser Gesellschaft, wéi och déi vun de studéierten Disziplinne konstant bleift.

Bei der Fuerschung a Léier gesäit d'ACEL d'Entwécklung an de leschte Joren als positiv. De Campus Belval an déi do ugesidelt Universitéit an hir Fuerschungszentere sinn déi richteg Ausrichtung fir eng dynamesch Gesellschaft, déi ännert. Hei wier et



awer wichteg, sech nëmmen op eng Handvoll Beräicher ze fokusséieren an ze spezialiséieren a weiderhin dofir ze suergen, dass fir déi Disziplinen, déi net ofgedeckt sinn, d'lëtzebuergesch Studenten hir Weeër an d'Ausland an och erëm zréck fannen.

Den drëtten a leschte Schwéierpunkt läit um Lifelong Learning. Wéi et der Etüd ze enthuelen ass, wäerten Ännerungen an nei Erausforderungen a vill méi kuerzen Ofstänn op déi jonk Salariéen duerkommen. Dowéinst ass et wichteg, seng Qualifikatiounen konstant ze erweideren an unzepassen. D'ACEL fuerdert dowéinst, dass Weiterbildungsméiglechkeeten iwwer déi gesamt beruflech Lafbunn ugebueden a vum Staat finanziell subventionéiert ginn. Nëmmen duerch eng stänneg Weiterbildung kann ee

verhënneren, dass de Salariéen hiert ugëeegent Wëssen ze schnell veraalt a si um Aarbechtsmarché u Bedeitung verléieren.

Als Schlussfolgerung muss d'ACEL feststellen, dass d'Etüd zum Deel zimlech iwwerflächlech bleift an eng Rei gewote Prognosen opstellt. Hei wier et wichteg, déi vill Themen, déi ugeschwat ginn, weider ze verdéiwen. Heibäi dierf d'Roll vun der ACEL net vernoléisseg ginn, well hir Ronn 10.000 Memberen déi Leit sinn, fir déi déi diskutéiert Themen an den nächste Joerzénge vu grousser Bedeitung wäerte sinn. Donieft sinn et déi jonk Matmënschen, déi als Botschafter fir Verännerungen agéieren an dowéinst ass et wichteg, dës vun Ufank u mat anzebannen.

ACEL-Comité

Apportez du piquant
à votre carrière,
CACTUS ENGAGE!
Comme nous, optez pour une qualité (de vie) sans compromis

Nous recherchons

DE NOUVEAUX COLLABORATEURS!

Réassortisseur, gérant, comptable, chef rayon, caissier ...

REJOIGNEZ NOTRE ÉQUIPE!

N'hésitez pas à nous transmettre dès à présent votre dossier de candidature, en postulant via notre site : www.cactus.lu rubrique JOBS et complétez le formulaire en ligne française et/ou allemande

INTERESSÉ(E)?

Cactus S.A. Gestion du personnel
Route des 3 Cantons / L-8399 Windhof
ou recrutement@cactus.lu

 **Cactus**
Nëmmen dat Bescht

E RÉCKBLÉCK OP DE STUDENTEBAL 2017

De 14. Juli war et erëm souwäit an de Studentebal 2017 stoung um Programm. No ronn engem hallwe Joer Organisatiounsarbeit a 5 Deeg intensivem Op- an Ofbauen, konnt de gréissten Open-Air-Studentebal vu Studenten fir Studenten nees sëllege Leit op de Bouillon lackelen. Sou wéi déi Jore virdrun, huet de Bal och dëst Joer nees op der Wiss hannert dem P&R Bouillon stattfont.

Ëm d'Opriichte vum Site a vun de Stänn, d'Veleeë vum Stroum, ewéi och d'Installatioun vun de Luuchten an der Museksanlag hunn d'ACEL an och d'Cerclen, déi um Bal deelgeholl hunn, sech gekëmmert. Dëst war mat engem groussen organisatoreschen Opwand verbonnen, sief et fir eis Partner oder eis Cerclen. D'Op- an d'Ofriichten erfuerderen niewent vill Plangen och vill Improvisatioun vun de Cerclen, ewéi och vun der ACEL, fir dass de Bal optimal kann oflafen. Dëst Zesummespill tëschent der ACEL, de Cerclen an de Partner huet och dëst Joer nees gutt funktionéiert.

De Studentebal ass fir d'ACEL dat gréisstent Ereegnes am Joer, dat e feste Bestanddeel fir aktuell an zukünftegt Studenten ginn ass. Dëst Joer konnte sech ronn 3.700 Leit nees e Bild vun dësem groussen Open-Air-Evenement maachen an zesumme mat Kollegen an de Cercle feieren. De Studentebal regruppéiert Joer fir Joer all Studenten an zukünftegt Studenten fir den Ofschloss vum akademesche Joer ze feieren, respektiv fir virun den Examen nach emol mat de Kollegen ze feieren, ier et nees hannert d'Bicher geet.



Pünktlech um 20:00 Auer sinn d'Keesen opgaangen, an déi 17. Editioun vum Studentebal ass lassgaangen. Déi éischt Béier, ewéi och Special-drinks sinn iwwert d'Teike gaangen. D'Wieder huet et am Ufank net ganz gutt gemengt, sou dass ee gréissere Schlut Reen erfokomm ass. Nodeems d'Wolken awer laanschtgezu sinn, huet sech d'Wieder nees vun der besserer Säit gewisen an d'Sonn ass nach emol erauskomm. Dëst huet natierlech och dozou gefouert, dass ëmmer méi Leit op de Site komm sinn. Am Ganze waren 31 Membercercle vertrueden an dëst op 14 Stänn opgedeelt. Déi verschidde Cerclen hu sech ewéi all Joer nees speziell Dekoratiounen ausgeduecht, fir d'Visiteuren op hire Stand ze lackelen. Des Weideren hunn déi verschidde Studentecerclen och nees hir Special-drinks, déi si aus de verschiddene Stied matbruecht hunn, ugebueden. Ënnert de Klassiker wéi der „Bombe Bleue“ waren och dëst Joer nees ganz flott a kreativ Special-drinks dobäi. Déi eng ware wéi all Joer méi oder manner genéissbar. Fir dass awer och fir jiddereen eppes fir ze drénken dobäi war, sinn natierlech och Softdrinks a Béier verkaf ginn. Ewéi all Joer gouf och nees um Bal gegrillt, sou dass kee Visiteur huet missen Hunger leiden.



Fir déi richtig Stëmmung hunn eis DJen MdoubleU an Diamonds gesuergt. Den MdoubleU huet de Warm-up gemaach, sou dass d'Leit scho mol sou richtig gutt a Stëmmung komm sinn an d'Feieren sou richtig lass konnt goen, éier Diamonds opgeluecht hunn. Bis déif an d'Nuecht eran hunn Diamonds d'Stëmmung am Zelt zum Kache bruecht. Déi, deenen et ze waarm war, konnte sech virun der Dier vum Zelt, op der Terrass bei engem kille Béier ofkillen.

Um 3:00 Auer war de ganze Spaass du leider och schonn nees fäerdeg. Déi 17. Editioun vum Studentebal war eriwwer. Dëst Joer konnten eis Visiteuren och nees vun de gratis Late-Night-Busse profitéieren, déi ewéi dat Joer virdrun och nees extra fir de Studentebal vum Bouillon fortgefuehrt sinn. Dëst huet et dann och jiddereem erméiglecht, sécher doheim unzekommen.

Mir sinn immens houfreg op all eis Cerclen, déi gehollef hunn, de Site opzerichten, de ganzen Owend fir d'Gedrénks an d'essen gesuergt hunn, der ACEL gehollef hunn, d'Keesen ze maachen, an och nach gehollef hunn, nees alles ofzerichten. Dofir nach emol e grouse Merci un all eis Cerclen. Dee

gréisste Merci geet awer natierlech u jiddereen, deen um Bal selwer war a matgefeiert huet.


Déi 18. Editioun vum Studentebal ass dann och schonn am Gaang, geplangt ze ginn a mir hoffen, dass d'Joer 2018 och nees e grouse Succès gëtt, an dass mir d'Zuel vun de Visiteuren nach e bëssen am Verglach mam Bal vun 2017 an d'Luucht kënnen setzen. Mir freeën eis op iech.

ACEL-Comité



120 JOER AVL

Vum 16. bis den 18. Juni 2017 huet den AVL seng Memberen an Ancienen op e gemeinsame Weekend zu Oochen invitéiert, fir dat 120-järegt Bestoe vum Veräin ze feieren.



Lassgaangen ass et e Freideg um 18:00 Auer mat enger Table ronde, déi säit siwe Joer direkt virun der traditioneller Ponttorfeier stattfënnt. Sou hunn och dëst Joer erëm e Grappvoll Partner de Wee bis an eis schéi Keeserstad fonnt, fir den Oochener Studente flott an interessant Virtråg ze halen. Um 20:00 Auer ass et du mat der Ponttorfeier weidergaangen, wou d'Studenten d'Méiglechkeet haten, bei engem Walking dinner a Lëtzebuerger Wäi mat de Partner an d'Gespréich ze kommen. Um 23:00 Auer huet den Oochener Männerchouer du mat Hëllef vu gefillte 50 Ancienen, säin traditionelle Ständche gehalen, éier d'Band Zero Point Five de Rescht vum Owend fir eng topp Stëmmung gesuergt huet. Bis an déi fréi Mueresstonnen ass geféiert ginn, ier d'Leit schlofe gaange sinn, fir den aneren Dag erëm fit ze sinn.

E Samschdeg de Mëtteg um 14:00 Auer war Rendez-vous am Centre

Charlemagne, e Musée iwwert d'Geschicht vum Oochen. Hei sinn esou munnech Geschichten an Anekdoten vum de Guiden zur Entstehung an Entwécklung vum Oochen erzielt ginn, an och déi eng oder aner Geschicht vu Lëtzebuerger Studente war dobäi.

Owes ass et du mat engem Maskebal am Ratskeller virugaangen, wou een als éischt den Aperitif bei schéinstem Oochener Wieder op der Terrass vum Rathaus, mat Vue op den Oochener Doum, genéissee konnt. Duerno ass en 3-Gäng-Menü am Gewölbekeller zerweiert ginn, ier et du mam Feiere weidergaangen ass. Den DJ Giant huet deen Owend fir déi néideg Stëmmung

gesuergt, sou dass den zweeten Dag och bis moies fréi gefeiert gouf. E puer Oochener hunn duerno och de Wee bis an de Karlsbrunnen op der Maartplaz fonnt, an hunn do eng typesch Oochener Foto an der Ënnerwäsch gemaach.

E Sonndeg ass et um 12:00 Auer zu Laurensberg op engem Beachterrain weidergaangen, fir de Weekend gemittlech auskléngen ze loosse. Ganzer siwen Equippen (wéi sollt et och anescht sinn) si géinteneen ugetrueden, fir zum Schluss déi beschten Oochener Beachvolleyballspiller ze entdecken. Géint den Honger ass de Grill ugefaangen an e leckeren

Zalotebuffet preparéiert ginn. Fir déi extrem waarm Temperaturen deen Dag ze erdroen, konnt een och hei erëm deen een oder anere kalen Dikrecher genéissee. Mat grousser Erstaunen huet „Oochen 3 – voll dobäi“ sech géint déi aner Oochener Volleyballstare konnter duerchsetzen an ass mat der éischter Plaz belount ginn.

No dem ustrengende Weekend war dunn och all Mënsch frou, e bësse Schlof nozehuelen a jidderee freet sech schonn, fir a fënnf Joer den 125. Anniversaire ze feieren.

Fir den AVL,
Annick Hoffmann



NOUVEAU CERCLE DES ÉTUDIANTS EN HISTOIRE : HISTORIC.UL

Association très jeune, car fondée en avril 2016, l'Historic.UL a pour mission de rassembler les étudiants d'histoire du Luxembourg. Nous ne nous limitons tout de même pas aux étudiants luxembourgeois ni aux étudiants inscrits à l'Université du Luxembourg : nous sommes une association ouverte à tout étudiant d'histoire qui entretient un lien avec le Luxembourg. Même si notre siège principal se trouve au Luxembourg et que notre comité a pour habitude de se réunir au pays, nous n'oublions point nos amis qui font leurs études à l'étranger et les invitons tout aussi chaleureusement à nous rejoindre afin de rassembler les intéressés d'histoire et d'offrir à nos membres la meilleure expérience possible pour leurs études. Le lecteur attentif remarquera que malgré cette ouverture internationale, nous continuons à honorer nos origines auprès de l'Université du Luxembourg. En effet, une grande partie de nos membres actuels provient de cette université et notre nom rappelle la dénomination uni.lu.

Concrètement, le comité de l'Historic.UL, qui est composé de 13 étudiants en histoire élus chaque année au mois de novembre, essaie de contribuer à l'amélioration de notre vie étudiante.

Notre premier objectif consiste à améliorer les liens qu'entretiennent les étudiants en bachelier, les étudiants en master et les doctorants en histoire. Tout au long de l'histoire, il s'est avéré que les avancées les plus importantes reposaient sur la collaboration et l'entraide. Pourquoi ne pas mettre en pratique cette leçon de l'histoire en tant qu'étudiants de cette même discipline ? L'Historic.UL s'efforce donc de créer des situations propices à l'entraide et de proposer un cadre adapté pour tisser des liens entre étudiants. D'une part, nous organisons régulièrement de petites rencontres informelles semblables aux « afterworks » après les cours pour permettre à nos membres de se détendre autour de boissons offertes par l'association et de s'échanger sur les cours, les professeurs ou les dernières séries télévisées. De l'autre, nous organisons des événements plus académiques, tels que des conférences sur des sujets historiques – des rituels des sacrifices romains jusqu'au Brexit et ses origines. Parmi les autres



traditions annuelles, citons le barbecue de fin d'année académique, qui se tient tous les ans à un endroit différent et vise à réunir nos membres le temps d'une agréable soirée entre amis et intéressés d'histoire.

Notre second objectif consiste en la collecte d'informations en vue de répondre aux questions les plus variées qui nous sont posées par nos membres actuels et futurs. La vie universitaire constitue souvent la première grande rupture avec la vie que l'on menait auparavant. Dans la majorité des cas, l'étudiant quitte le nid familial pour s'installer seul ou en collocation avec des amis ou des étrangers. Bien que nous soyons une association

d'étudiants en histoire, nous nous sommes également fixé pour mission d'assister nos membres dans les « combats » quotidiens relevant de la vie étudiante. Reconnus officiellement par plusieurs universités dans lesquelles nous sommes implantés et membres de l'ACEL (Association des cercles d'étudiants luxembourgeois), nous disposons des ressources nécessaires pour répondre à toute question pouvant surgir pendant les études.

Nous souhaitons aussi montrer que l'étude du passé peut servir de nos jours. Nous organisons des séances d'information dans les lycées au Luxembourg, nous assistons les universités lors de leurs journées d'accueil et journées

portes ouvertes, nous mettons en contact les employeurs et les étudiants en histoire, nous centralisons les offres de stage et les transmettons à nos membres, et nous sommes à l'écoute lorsque des questions surgissent. De nos jours, l'histoire ne se résume plus au travail pénible d'un archiviste, mais elle a connu une véritable révolution grâce aux méthodes numériques qui ont fait leur apparition ces dernières années et nous nous efforçons de vous l'illustrer.

Nous espérons vous avoir démontré, cher lecteur, que bien que les cours d'histoire puissent (à tort) avoir la réputation d'être poussiéreux, il existe une communauté vibrante et active qui ne cherche qu'à vous accompagner lors de vos études d'histoire et à vous montrer la pratique dynamique d'une discipline trop souvent décriée comme inutile et sans avenir.

N'hésitez pas à nous rejoindre ou à nous envoyer un message (peu importe s'il s'agit de questions supplémentaires sur les études d'histoire ou sur l'association elle-même).

En espérant avoir de vos nouvelles,

Votre comité de l'Historic.UL
Historic.UL-Comité

Contact :

Adresse e-mail : historic.ul1@gmail.com
Facebook : Historic.UL
Twitter : historic_UL



Comité Historic.UL

EN NEIE CERCLE GOUF GEGRËNNT: LUNEX STUDENT UNION

Mir sinn d'LSU, d'Lunex Student Union. Mir sinn de Studentecomité vun der Lunex International University of Health, Exercise & Sports S.A., déi 2016 eréischt nei zu Déifferdeng opgaangen ass.

D'Lunex ass eng international ausgeriichten, privat Universitéit mat de Schwéierpunkte Sport, Gesondheet, Präventioun an Therapie. Dir kënnt hei Phytotherapie, Sportmanagement a Sportwëssenschafte studéieren.

Zesummeschaffen an eng gutt Collaboratioun mat de Proffen ass eis ganz wichteg. D'Coursë ginn a kleng Gruppe gehalen, vun do hier ass eng gutt Atmosphär garantéiert. Mir ginn individuell betreit, dat heescht gutt eens gi mat de Proffen a mat de Leit, déi do schaffen, kann nëmme vu Virdeel sinn.

Am Studentecomité si mir zu 15 Studenten. Mir probéieren eis oft ze

treffen, fir iwwert all Méiglech, wat mir kënnen maachen, besser maachen oder änneren, ze schwätzen – ënnert anerem wéi mir de Studenten an hirem Studium an an hirem Studentenalltag kënnen hëllef an och wéi mir hinne kënnen ënnert d'Äerm gräfen, fir si finanziell ze ënnerstëtzen (z.B. d'Kiné brauchen Tenuen, fir kënnen hire Stage ze maachen).

Als Studente vun enger Sportuni huele mir u sportlechen Aktivitéiten deel, hei am Land an am Ausland, wou mir zesummen an engem Team als Vertreder vun der LUNEX untrieden. Sou hu mir zum Beispill d'lescht Joer um MudDay zu Amnéville deelgeholl. Mir waren zu 20 um Start, hunn eis mega ameséiert a waren dono gutt mat Bulli iwwerbak.

D'LSU versicht och ëmmer erëm, a Kontakt mat verschiddene Sportsclibb ze trieden, fir et de Studenten ze erméiglechen, zu nidderegen Tariffer Sport ze maachen a sech zesumme mat de Kollegen ze ameséieren.

Mir probéieren d'Studenteliewen an d'Zesummeliewe flott ze maachen, andeems mir Festlechkeeten organiséieren.

Well et d'LUNEX an d'LSU eréischt säit engem Joer ginn, hu mir nach net esou vill Fester konnten organiséieren, ma déi, déi mir bis elo organiséiert hunn, waren e grouse Succès.

Mir hunn ënnert anerem e Bal an der Schräinerei organiséiert, wou och d'Proffen an d'Personal vun der Lunex deelgeholl hunn a bis spët an d'Nuecht mat eis de Schluss vun den Examen gefeiert hunn. Mir konnte gemeinsam Fotoe maachen an e Reportage, wou mir eis Ziler an Aktivitéiten konnte virstellen.

LSU

Eng aner ganz flott Initiativ, déi mir ergraff haten, war all eis Studenten op e groust Grillfest ze invitéieren, dat scho mëttes ugaangen ass a wou mir zesumme Beachvolleyball gespillt hunn. D'lessen a Gedrénks hu mir zur Verfügung gestallt. D'Leit hu just gutt Laun an Honger misse matbréngen, d'Wieder war super. Dat Ganzt huet sech bis ganz spët an d'Nuecht gezunn, a mir krute ganz vill Komplimenter, fir dat gelongt Fest.

Fir déi nei Studente loosse mir eis och ëmmer flott Saachen afalen, fir dass si och direkt gutt ageweit ginn a sech gutt integréieren. Dëst Joer wäert de Welcome Day e Rallye sinn, dee mir duerch déi ganz d'Stad organiséieren a wou déi nei Studente

verschidden Aktivitéiten mat witzegen Challenge maache müssen.

Mir versichen och ëmmer erëm, gutt Relatiounen mat verschidden Restaurants a Cafés ze knëppen, fir dass mir eise Studenten iwwerall gutt Präisser kënnen versprechen. Ee vun eisen Hauptcafés, wou mir eis ganz oft treffen, ass eben d'Schräinerei zu Déifferdeng. Si ass net wäit vun eiser Uni ewech a praktesch, fir an der Mëttespaus oder no de Coursen mat de Kollegen dohinzegoen.

D'Iddi vun enger „active Lunchbreak“, wou mir de Studente während hirer Mëttespaus eng Sportsaktivitéit ubidden, ass eis och schon oft duerch de Kapp gaangen. Sou kënnen se vum Léierstress ofschalten a während enger Stonn dat maachen, wat si gäre maachen, wéi Fussball, Lafen oder Volleyball. Dat sinn nëmme e puer vun de Sportarten, déi am meeschte vun de Studente gedriwwen ginn.

D'nächst Joer probéiere mir erëm, eist Beschäftigung ze maachen, fir d'Studente wou och ëmmer méiglech ze ënnerstëtzen.

De Studente soll et Spaass maachen, all Moien op d'Uni ze kommen an nei Saachen an de Course bäibrueden an an der Fräizäit ugebueden ze kréien.

Mir hoffen, iech op der LUNEX kënnen ze gesinn.

LSU-Comité



MudDay zu Amnéville

VORHERSAGE FÜR VOICE OVER IP: WIE SICH DIE IN- TERNET-TELEFONIE VERBESSERN LÄSST

Internet-Telefonie ist günstig, scheitert aber oft an der Serverüberlastung. Um das zu vermeiden, wurde an der Uni nun ein Vorhersage-Modell entwickelt.

Die Zusammenhänge sind für Nicht-Informatiker nur schwer zu verstehen. Deshalb versucht Ana-Maria Simionovici, sie anhand einer ganz banalen Alltagssituation zu erklären: „Nehmen wir als Beispiel das Einkaufen. Damit sich die eingekauften Waren gut tragen lassen, kommt es darauf an, sie richtig auf die einzelnen Tüten und Hände zu verteilen. Dann stellt sich noch die Frage, ob wir im Laden Einweg-Tüten kaufen oder aber Tüten von zuhause mitbringen. Und je nachdem, wie lang der Heimweg ist, überlegt man sich zudem vielleicht noch, ob es nicht hilfreich wäre, direkt einen Rucksack

mitzunehmen.“ Solche Überlegungen im Vorfeld eines Einkaufs sind sinnvoll, keine Frage. Nur was hat das alles mit Internet-Telefonie zu tun?

Nun, was das Einkaufen mit Voice over IP beziehungsweise dem Telefonieren über das Internet gemeinsam hat, ist die Tatsache, dass sich Abläufe optimieren lassen, wenn man sich im Vorfeld damit auseinandersetzt. Simionovici hat das getan. Die Informatikerin hat sich im Rahmen ihrer Doktorarbeit an der Uni Luxemburg mit der Erstellung eines Vorhersage-Modells für Voice-over-IP-Systeme (VoIP) befasst.

Nutzung der VoIP-Telefonie folgt oft einem bestimmten Muster

Das Prinzip der VoIP-Telefonie ähnelt dem der klassischen Telefonie. Das Telefongespräch lässt sich in drei Vorgänge unterteilen: Zunächst wird die Verbindung aufgebaut, dann folgen die Gesprächsübertragung und schließlich der Verbindungsabbau. Der Unterschied zum herkömmlichen Telefonieren besteht allerdings darin, dass für das Gespräch keine zugewiesenen Leitungen durchgeschaltet werden, sondern die Sprache zunächst digitalisiert und dann in kleinen Datenmengen über das Internet transportiert wird. Zudem sind VoIP-Telefonate deutlich günstiger, häufig auch kostenlos, weil die Betreiber für die Übertragung keine Telefonleitungen anmieten müssen.



Ana-Maria Simionovici

Dieser entscheidende Vorteil wiederum führt dazu, dass die Server häufig überlastet sind. Mit Hilfe des Vorhersage-Modells, das an der Uni in Zusammenarbeit mit einem VoIP-Dienstleister entwickelt wurde, lässt sich diese Serverüberlastung reduzieren. „Wenn man sich ansieht, wie und in welchem Umfang Nutzer zu welchen Zeiten den Dienst nutzen, erkennt man darin ein bestimmtes Muster“, erklärt Simionovici. „Wir haben darauf aufbauend ein Modell entwickelt, das in der Lage ist, die Verkehrslast für einen bestimmten Zeitraum zu prognostizieren“, so die Informatikerin.

Den Datenverkehr gezielt umleiten

So haben Simionovici und ihre Kollegen beobachtet, dass es zu bestimmten Tageszeiten eine höhere Nutzung des

Angebots gibt, wohingegen es am Wochenende und während der Feiertage weniger zum Einsatz kommt. Statt die technischen Anforderungen wie Server möglichst groß zu dimensionieren, um so die Gefahr einer Überlastung zu vermeiden, setzt das auf Algorithmen basierende Vorhersage-Modell auf eine dem tatsächlichen Bedarf angepasste Zuordnung der Ressourcen. „Indem wir den Verkehr zu bestimmten Zeiten gezielt umleiten, lässt sich die Qualität der Verbindungen erhöhen und gleichzeitig die Zahl der Server reduzieren“, so die Forscherin. „Unser Ziel ist es, durch eine Reduzierung der Infrastruktur und des Zeitaufwands die Kosten zu minimieren.“

Nach der durch den FNR finanziell unterstützten Erstellung des Vorhersage-Modells besteht deshalb der nächste Schritt nun darin, die Lasten in der Praxis entsprechend zu verteilen. Zudem verfolgen die Forscher auch den Ansatz eines individuellen Nutzermodells. Schwankungen in der Nutzung gibt es Simionovici zufolge nämlich nicht nur innerhalb eines Tages, sondern auch innerhalb eines Jahres. „Wenn man zum Beispiel davon ausgeht, dass eine Schule während der Sommerferien geschlossen ist, dann weiß man auch, dass für diesen Kunden in dieser Zeit weniger Ressourcen benötigt werden.“

Uwe Hentschel
(Artikel ursprünglich auf science.lu erschienen)


FNR.lu

The FNR is the main funder of research activities in Luxembourg. We invest public funds and private donations into research projects in various branches of science and the humanities, with an emphasis on selected core strategic areas. Furthermore, we support and coordinate activities to strengthen the link between science and society and to raise awareness for research. We aim to establish Luxembourg as a leading knowledge-based society through science, research and innovation.



Luxembourg National
Research Fund

Key figures:
FNR Annual Report 2016





Du suchst eine Arbeitsstelle? Der LCGB hilft Dir!

À la recherche d'un emploi ?
Le LCGB t'accompagne !

Kostenlose Weiterbildungen zur beruflichen Entwicklung Formations gratuites au niveau du développement professionnel

- Sich in 1,5 Minuten optimal und effizient vorstellen
- Einen Lebenslauf und ein Bewerbungsschreiben verfassen
- Internet: Suche & Methodik
Mindestteilnehmerzahl sind 8 Personen pro Seminar
Angebot nur für LCGB-Mitglieder

- Savoir se présenter de manière optimale et efficace en 1min30
- Rédiger son CV et sa lettre de motivation
- Internet : recherche & méthodologie
Minimum 8 personnes par formation
Offre limitée aux membres du LCGB



WWW.LCGB.LU


11 RUE DU COMMERCE, BP 1208 L-1012 LUXEMBOURG | TEL: 49 94 24-1 | INFO@LCGB.LU

WÉI GUTT KENNS DU D'CERCLEN AN D'ACEL?

1. Wéi eng Stad hat dëst Joer déi meescht Representanten op der REEL?
2. Wéi ee Cercle huet dëst Joer säin 120. Gebuertsdag gefeiert?
3. A wéi enger Stad huet de Xavier Bettel studéiert?
4. Zu Déifferdeng ass an der Lescht en neie Cercle gegrënnt ginn.
Wéi heescht deen?
5. Wéi war déi offiziell Ofkierzung fir déi dësjäreg REEL?
6. D'ACEL hat e Quizowend geplangt am September. Wou sollt dee stattfannen?
7. De Cedies huet viru kuerzem d'Zuele vum leschte Joer verëffentlecht.
A wéi e Land zitt et nach ëmmer déi meescht Lëtzebuerger Studenten?
8. An a wéi enger Stad am Ausland studéieren déi meescht Lëtzebuerger?
9. Wéi heescht déi dësjäreg Miss REEL mam Virnumm?
10. A propos REEL, wéi eng Busfirma huet d'Studenten dëst Joer chaufféiert?
11. Wéi gouf d'Guide op der Wäintour op der REEL gedeelt?
12. Wéi e Cercle besteet ausschliesslech aus weibleche Comitésmemberen?
13. Wéi eng Stad organiséiert all Joer de L-ü-Xi-Rallye?
14. Wéi e Cercle konnt um leschten Tournoi de Noël de Fussballturnéier
fir sech entscheiden?
15. Et ginn insgesamt 5 Stied, aus deene jeeweils zwee Membere vum
ACEL-Comité kommen. Nenn eis déi, an där souwuel e männleche wéi
och e weibleche Comitésmember studéieren!
16. Aus wéi enger Stad kënnt de Cercle mam Elch am Logo?
17. Wéi een DJ-Duo huet dëst Joer fir déi zweete Kéier um Studentebal
fir déi néideg Stëmmung gesuergt?
18. A wéi enger Stad huet d'Klausurtagung vun der ACEL dëst Joer stattfonnt?
19. D'ACEL huet dëst Joer en Avis zur Rifkin-Etüd geschriwwen.
Wéi heescht de Rifkin da mam Virnumm?
20. Wat gouf och dëst Joer benotzt, fir dem Bulli um Studentebal Meeschter
ze ginn? Tipp: Et war gläichzäiteg d'Léisungswuert vum Rätsel d'lescht Joer!

Test däi Wëssen!

Déi éischt zwee Studenten (vu verschiddene Cerclen), déi eis
eng Foto vum komplett ausgefëllte Rätsel op contact@acel.lu
schécken, kréien e klenge Kaddo!



IMPRESSUM:

EDITEUR

Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois (ACEL)
B.P. 63
L-7201 Bereldange
Tel.: (+352) 691 42 05 39
www.acel.lu | contact@acel.lu

OPLAG

70.000 Exemplairen

KOORDINATION

Pol Lutgen

REDAKTION

ACELs-Comité, Historic.ul, LSU, AVL, FNR.
Fir d'Form an den Inhalt vun den Artikelen
sinn eleng d'Auteurs verantwortlech.
D'ACEL seet all de Leit, déi un dëser
Edition matgeschafft hunn, e grouesse
Merci!

FOTOEN



ACEL, Historic.ul, LUNEX, AVL, FNR, REEL

LAYOUT

Saint-Paul Luxembourg S.A.

PUBLICITÉIT

Saint-Paul Luxembourg S.A.



LIDDERBUCH

Bis haut sangen d'Studenten déi tradi-
tionell Lidd. Iwwer 100 dovun goufen zu engem
Lidderbuch zesummegeallt. Dëst gëtt
et elo och als App fir iOS an Android!



JE N'ÉTUDIE PAS UNIQUEMENT MON LOOK



Avec **axxess UNIF**, vous profitez d'une carte VISA Classic, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de vos études une réussite.

Pour les étudiants de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur **axxess.lu**

axxess UNIF

100% JEUNE. 100% VOUS.



SPUERKEESS